

WANDROUS

N° 329 Broochmount / Heemount 2010

juin / juillet



PAISCHTCAMP LBB - BEIM PIT AM BONGERT

Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>


Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit



Waat brauchst Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

Les amis des Lions Bleus

Les amis des Lions Bleus

Erënners och Du Dech un di Campen, déi sech herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Activitéiten wous Du Dech herno gefrot has, wéi daat méiglech wor, schwätzt och Du nach allekéiers iwwer deng Scoutszäit wanns de én vun dengen alen Scoutsfrënn erëmgesäis?

Bas och Du frou dat deng Kanner an den Scouten sin, an schmunzels Du net heiansdo wann Deng Kanner no enger Activitéit, dreckech an midd, mé mat blénkechen An verzielen waat se alles um Camp erliewt hun? Bas Du net heiansdo eng Grimmel melancholesch dass Du mat Denger Scoutszäit ofgeschloss hues, oder einfach aaner Weeër gang bas?

Bedenk dat während Denger Scoutszäit Cheffen do woren di sech em Dech gekëmmert an gesuert hun, an elo sin nach ëmmer Cheffen do, di sech ëm Deng Kanner këmmere an suergen. Datt d'Home ënnerhal, gebotzt, vergréissert gin ass an nach ëmmer gebotzt an ënnerhal gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sech der e puer dozou entschéd Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an weider un dém Scoutswé ze bauen dén virun 100 Joër vun Brownsea aus an di ganz Welt erausgebaut gin ass.

Wells och Du datt d'Scouter weider bestoën kënnen an datt weiderhin Kanner vun Jugendlechen ausgebild, an op hieren Liewenswé virberéd gin?



**Dann zéck nët an géff elo direkt Member vun den
“AMIS DES LIONS BLEUS”**

? VIRWAAT ?

D'*Amis des Lions Bleus* bestinn zum Dél aus activen wi inactiven Memberen, mé och aus Elteren, Frënn a Bekannten, di all én gemeinsam Ziel hun: d'Weiderbestoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann en Dél vun dénen Memberen weiderhinn am Hannergronn vir den Groupe actif sin, verhënneren se awer alleguerten mat hieren Donën, dat di aktuel an di nächst Cheffengeneratiounen duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge ofgelenkt gin.

D'*Amis des Lions Bleus* sin Leit di nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zäit mi hun vir sech actif bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkomplizéiert an extrem efficace Manéier hëllef: duerch en regelméisseg Don.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënn gëtt vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn vir jidderén op, an gin wi all Joër op der Assemblée Générale veröffentlecht.

Dofir ënnersteh och DU ons, wann ech gelift,
mat engem “ordre permanent”
vun 5,00 / 10,00 / 15,00 Euros** pro Mount
op onsen CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun “Les amis des Lions Bleus” + Numm oder Anonyme

* Vir onsen Budget besser kënnen opzedélen zéien mir vir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op en “revenue” zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sin keng Limiten gesaat.

Natierlech frëen mir ons iwvert en émolegen oder regelméisseg Don!

** Mir sin der Ménong dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtzt vielleicht méi liicht ze verkraften ass.

Vun 15,00 Euros pro Mount un sin selbstverständlech d'Memberskaart an d'WANDROUS gratis!

Wéi s'Du an Zwëschenzäit konns feststellen sin eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Fréd dobäi!

Hinnen sief vun heiaus eng dekken MERCI gesoot!

PATRULLENWEEKEND Fir all Scouten

KULTURCAMP

Léiw Scouten,
Ech hun eng gudd Neiegkeet fir aersch.
Mir d'Scoutsbranche wärten probèieren en neien
Rekord ze briechen!!!
Mir wärten eng Weltrees maachen, den 05.-06.Juni,
déi zwee Deeg daueren wärt.
Mee well mir d'Tickeen fir den Fliiger kaafen mussen,



Musst dir lersch séier unmellen :) Mir wärten op all
Kontinent vun der Welt goën an dës Kultur ons e
bëssen ukucken. Kommt op den Camp, dir wärt nët
enttäuscht sinn, an wärt wahrscheinlech ganz
bronzéiert an zefridden zrëckkommen :)

Départ: Samstes, den 5.Juni 2010 um
09:30 Auer op der Gare de LUX
Retour: Sonndes, den 6.Juni 2010 um
16:00 Auer op der Gare de LUX



Material: Schloofsaack, Gamelle,
Kichenduch, Bidon, Täschenluucht, dem Wieder ugepassten
Kleeder,... Jumboskaart oder E-GO Kaart...

Souche: Umeldung per SMS um Tel:691637414 bis den 3.Juni 2010!!!
D'Souche ass matzebrëngen op den Rendez-vous.

Präiss: 21 €, sinn matzebrëngen op den Rendez-vous.



Ludovic (Hamster N°1)
& Breeze



Heimat erlaaben ech _____
mengem Scout/Guide _____
op den Weekend vum 05-06.Juni 2010
matzegoën.



Ënnerschrëft vum Responsablen:

Souche Faackelzuch



FAACKEL ZUCH 2010



Wéi all Joers sin mir um Vierowend vum Nationaldeierdaag um Faackelzuch vertraueden.

Mit treffen ons Dënschdes, den 22. Juni um 20:45 Auer

bei der Metzlererei Kaiffer op 77 Grand Rue L-1661 Letzebuerg

Waat brauch de Beaver, de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, d'Amicale an natiirlech net ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**Richtig! eng TIP TOP Uniforme
mat enger donkelbloër Jeans-Box
mat engem Uniformshiem / Foulard
en Lions - Bleus - Sweatshirt an eng LBB-Kaap**

Daat ganzt huët och en Enn, an dén fënt sech erëm bei der Metzlererei Kaiffer op 77 an der Groussgaass um 23h00 Auer.

D'Souche as bis spéitstens den 19/06/2010 béi dëngem Chef oofzegin!!!

Wéi all Joërs sin d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertraueden!!!

Jo ech.....

Gin och dëst Joër mat op de Faackelzuch.
Ech sin mat Zäiten, an tiptopper Uniforme um Rendez-vous

Elterenënnerschrëft



Tropical-Island



Maldiven, Hawaii, Karibik... Ween dreemt nët vun enger relaxer Vakanz op engem wonnerschéinen Strand beim Meer...engem gemittlechen Owend mat karibëscher Stëmmung an engem lessen am bloën Scoutskrees?? Macht dës zur Realitët an sieft bei eisem traditionellen Léiwenfest dobai! Mir freen eis iech Scouten/ Elteren/ Comité/ Frënn an Bekannten vun den Scouten härzlech op eist diesjährelecht Event invitëiren ze kënnen.

Enjoy our Caribbean food in a tropical mood



Fir wien?

Jiddereen ☺☺☺

Wéini a Wou?

3.Juli 2010 beim Home vun den Lions Bleus
um **16:00** fir Beaver, Wëllef, Scouten & Rover
(d'Explorer treffen sech schon moies um 9:00)
um **18:30** fir Elteren, Amicale & Frënn

Präiss? 15 €, pro Persoun op den Compte vum Fischer Manon
CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000 bis den 26.Juni mat der
Mentioun **LÉIWENFEST & Numm+Unzuel** vun den Participants...

D'Souche ass bis den 26.Juni 2010 bei engem Chef oofzeginn!



Heimat mellen ech _____

folgenden Beaver, Wëllefchen, Scout, Explorer, Rover _____
& (Zuel vun Elteren/Famill/Frënn) _____ Persounen fir Léiwenfest un.



Déi Léit déi wëllen kënnen eng Zalot matbréngen (Groußen Merci)
Heimat mellen ech mech bereed fir eng Zalot matzebréngen.

Wei eng Zalot? _____

Fir wéivill Persounen +/- ? _____



Ënnerschrëft: _____

POW-WOW

Fir Beaver, Wöllef, Scouten, Explorer & Rover



... Op  zu Munneref ...

Wéi der jo alleguerten wéist ass an dësem Summer d'Fussball-WM an Südafrika, wou all d'Kontinenter vertrueden wärten sinn.

Mir wëllen eppes Ähnlésches erliewen, an zwar bei der FNEL-Safari.

Op dëser wäert dir déi verschiddensten Kontinenter, Länner, Déieren, Vielfalt vun den Pflanzen & Kulturen an an an ... kenneléieren.

Ët gët sou Munsches ze gesinn, ze entdecken an ze erfuerschen, waat bei deenen aneren sou leeft an waat mir nach nët kennen.

Dofir mell dech ganz schnell un fir eng flott Safari-Sortie mat denger Branche/Grupp ze erliewen...



- WEINI?** den 11. Juli 2010
DÉPART? Sonndes, den 11. Juli 2010 um 9:00 Auer um Glacis
RETOUR? Sonndes, den 11. Juli 2010 um 17:15 Auer um Glacis
PRÄISS? 10€, ze iwwerweisen
op den Konto vum FISCHER Manon
(CCPL IBAN Lu69 1111 1943 4251 0000)
mat der Mentioun "POW-WOW2010+Numm"
SOUCHE? Ass oofzeginn beim Tamia bis den 26. Juni 2010!

WAAT muss ech matbréngen?

PIC-NIC an engem klengen Rucksack fir Mëttes, Tip-top Uniform, Bidon, Kaap & Sonnencrème, dem Wieder ugepassten Kleeder...

Waat mer zu méi sinn, waat méi flott ët gët,
An ausserdem mussen mer eis Trophée jo dëst Joër verteidegen :):):)

LBB-Cheffenéquipe



Heimat erlaaben ech _____ mengem Beaver,
Wëllefchen, Scout, Explorer, Rover _____ um
POW-WOW vun der FNEL den 11. Juli 2010 deelzehuelen.

Ënnerschrëft vum Responsablen: _____




Elo ass et net mei esou ganz laang bis de FEWECA lass geet, dofir hei elo nach epur
Informatiounen:

Mir sin um Sous-Camp 2 mat der Faarf BLO, zesummen mat den Echternocher Quaichléken
an den Deckelsmouken vun Steinfort zesummen.

Et geed Sonndes dem 18. July geint 16h00 zu Schëffleng bei der Gare lass, mir hun geint
15h00 zu Letzebuerg op der Gare Rendez-vous. De Schluss ass fir Samsdes den 24. July geint
11h15 zu Letzebuerg op Gare geplangt. Dei genau Auerzeiten kirtt dir nach gesoot.

Wou genau ass de Camp? Zu Schëffleng an der Albert Wingert Schoul



De Camp wärt maximal 150 € kaschten, wann nom Camp Suen iwreg bleiwen gin dei ness op all
Particiton opgedeelt. Wann den eichten Accompte vun 50 € nach net bezuelt ass, dann soll
daat esou seier wei meiglech gemeet gin.

Den zweeten Accompte vun 50 € ass bis den 12/06/2010

an den dretten Accompte vun 50 € ass bis den 01/07/2010 ze iwerweisen:

IBAN LU23 1111 2136 6874 0000

mat der Mentioun: 2. Acompte FEWECA & Numm vum Kand & Numm vum Grupp
(BSP: 2. Acompte FEWECA Tahr Les Lions Bleus)

Bei weider Froen kenn dir iech mellen um 691225555 oder tahr@lionsbleus.lu

Gruppenversammlung

Für Beaver, Wölfer, Scouts, Explorer & Rover

WHO IS IT ?

Sou endlech ass et erem sou wäit! Dat neit Schoulj oer fänkt nees un an soumat kommen d'Lions Bleus och nees an Action! Mir hoffen dir sidd all voll motiveiert fir an dat neit Scoutsj oer ranzestarten an zousätzlech eisen vermessten Verbruecher erem ze fannen! Du wells och engkeier en Detektiv spillen oder hues einfach Loscht en flotten Nomët teg mat eis ze verbrennen? Wann dat den Fall ass dann komm och du den 18 September 2010 bei d'Gëlle Fra. An natierlech kanns du och rouegeen oder aanderen Frënd(in) matbrennen.



Rendez-vous: Samsdes, den 18 September 2010 um 13:45 bei der gëlle Fra an der Stadt

Retour: Samsdes, den 18 September 2010 um 17:00 bei der gëlle Fra an der Stadt


Wat matbrennen : en klengen Rucksack mat engem Bidon, Bick an Block , an Schong wous du gudd dran goen kanns

Wichtig: An Tip-Topper Summer Uniform kommen (gëtt nämlech nach eng Gruppenfoto gemaach)

Mister X



Är cheffenequipe



Souche Montée

Beaver, Wellef, Scouten, Explorer



En neit Scoutsjoer fänkt un.
 Et gin grous Beaver, grous Wellef an
 grous Scouten, maachen en neien Schrett
 op hierem Scoutswee. Sou gët aus engem
 groussem Beaver e klengen Wëllefchen,
 aus engem groussem Wëllefchen en
 klengen Scout an aus engem groussem
 Scout en klengen Explorer.



Mell dech seier un, daats du och dobei
 bass fir en floffen Weekend mat
 zerliewen.

Weini: 02-03/10/2010
 Wou: Beim Home
 Rendez-Vous: 02/10/2010 um 14h40 beim Home

Retour: fir Beaver: 02/10/2010 um 18h00 beim Home
 fir de Rescht: 03/10 2010 um 16h00 beim Home

Präis: 15 EURO, bis den 25. September 2010 op den Compte vum Fischer Manon
 CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000 ze iwwerweisen.
 Beaver brauchen näischt ze bezuelen, ausser dei Beaver dei d'Montée
 maachen müssen dei 15 EURO bezuelen.

Souche: Ass ebenfalls bis den 25. September bei dengem Chef oofzeginn.

Waat brauchst du alles: Schloofsaack, Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (nëmmen fir
 Scouten&Explorer), Bidon, Ersatzkleeder, Wäschaachen, Bierschong

d'Cheffenequipe

Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche



Ech erlaaben
 mengem Beaver/Wëllefchen/Scout/Guide/Explorer

.....
 un der Montée 2010 vum 02.-03. Oktober 2010
 zu Bouneweg deelzehuelen.

.....
 Ennerschrëft vun den Elteren





Viz-WE

16. An 17. Oktober zu Fluesweiler

Léif Scouten, Guiden, Explorer a Rover,

An der Hoffnung, dass mer dëst Joër méi Äppel hun, machen mir erëm en Fiz-WE.

Samsdes fueren mer duerch onst Ländchen vir Äppel zesummen ze dreiwien, ze raafen an ze plëcken.

Sonndes gin se raséiert, gewäscht, geschnidden, gehäckselt, gekeltert, gesteriliséiert an de Jus gedronk.

RENDEZ-VOUS: Den 16. Oktober um 8:30 Auer beim Home

RETOUR: Den 17. Oktober 2010 beim Chouch zu Fluesweiler.

Ab 16:30 Auer sin d'Elteren op en Patt frëschgepressten

Viz an e Stëck Äppelkuch agelueden.

(35, rue Principale - Flaxweiler)

PRÄIS: 15 Euro sin bis den 2. Oktober 2010 op den Compte vum Manon Fischer / CCPL IBAN Lu69 1111 1943 4251 0000 ze iwwerweisen an d'Souche as vir den selwechten Dag ofzegin.

MATERIAL: dem Wieder ugepassten Kleeder, Gamelle, Besteck, Becher, Isoléiermatt, Schlofsack, Schlappen, fest Schong, Wäschaachen, 2 **propper Plastikfläschchen mat Stopp drop** (do wou de Viz dono gra kënnt), e Kuch ass ëmmer wëllkomm

Etablissement Chouch & Co



Ech



.....
gin gären den 16.+17.10.2010 mat op den Viz-We.
Ech hun d'Geld bis den 2.10.2010 iwwerweisen an d'Souche ofgin.

.....
(Ennerschrëft vun den Elteren)



Viz-Sortie

17. Oktober zu Fluesweiler

Léif Beaver a Wëllefcher,

D'lescht Joër krus du erkläert, wéi de Viz an d'Fläsch kënnt an wat een alles matt Äppel ka machen. Och dëst Joër kanns du den groussen Scouten eng Hand mat upacken, well alleng packen si ët net, si sin dann ganz einfach verluer.

Duerfir lies elo séier weider a mell dech esou séier wéi méiglech bei dengem Cheff un.

RENDEZ-VOUS: Den 10.10.2010 um 9:00 Auer beim Chouch zu Fluesweiler
(35, rue Principale - Flaxweiler)

RETOUR: Den 17.10.2010 beim Chouch zu Fluesweiler
Ab 16:30 sin d'Elteren op en Patt frëschgepressten Fiz an e Stëck Äppelkuch agelueden.

PRÄIS: 7 Euro sin bis den 2. Oktober 2010 op de Compte vum
Manon Fischer / CCPL IBAN Lu69 1111 1943 4251 0000 ze
iwwerweisen an d'Souche as vir den selwechten dag ofzegin.

MATERIAL: dem Wieder ugepassten Kleeder, Gamelle, Besteck,
Becher, fest Schong, **2 propper Plastikfläschen mat Stop
drop** (wou donod de Viz dra kënnt), e Kuch ass ëmmer
wëllkomm



Etablissement Chouch & Co

Ech



.....
gin gären den 17.10.2010 mat op d' Viz-Sortie.
Ech hun d'Geld bis den 2.10.2010 iwwerweisen an d'Souche ofgin.

.....
(Ennerschrëft vun den Elteren)

Souche Corse 2010

fir Rover, Explorer a Scouten

---NEWS - groussen summercamp - NEWS---



CORSU 2010

30.Juli 2010 - 22.August 2010



Gläich ass et sou wäit ☺

D'Viirbereedungen laafen op Héischtouren
fir dat alles perfekt fir den 30.Juli steet.

Mir an hoffentlech och DU frees dech op eisen onvergiesslechen Summercamp.
Fir dat dësen awer richteg unlaafen kann, stinn nach puer Datumer op:

19/06/2010

CORSE-Elterenversammlung um 16¹⁵ am Home,
dës ass obligatorësch fir jiddereen deen matgeet.

Hei kriss du all weider Informatiounen iwver den Camp, Programm,
Material....

Ausserdem kriss du hei och dän perséinlechen Dossier mat der
Fiche médicale, enger Apaackléscht an nach villes méi...

26/06/2010


CORSE-Teamtreffen um 16⁰⁰-20⁰⁰ am Home,
dës ass ebenfalls obligatorësch fir jiddereen deen matgeet.

Hei riichten mir eisen Camp emol op fir dat jiddereen gesäit wéi
et geet, maachen eisen Campfändel, kucken Material no, Iessen
eng gudd Spaghetti zesummen an kréien nach déi neisten
Corse-News...

Ebenfalls kriss du hei dain Paacksaack an villaicht och schon déng
Camp-Zeitung wann Press se schon gedréckt huet ☺

30/07/2010

Rendez-vous um 18³⁰ am Home fir den Départ an Corse



Den motivéierten CORSEN-CAMP-STAFF



Programm Beaver - Programm



Juni

| | | |
|----|--------------|-------------|
| 5 | Velos - Tour | 14.00-17.00 |
| 12 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 19 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 22 | Faackelzuch | |
| 26 | Versammlung | 14.00-16.00 |

Juli

| | | |
|----|--------------------------------|--------|
| 3 | Léiwen Fest | |
| 10 | <i>keng</i> <i>Versammlung</i> | |
| 11 | Pow-Wow | |
| 17 | <i>keng</i> <i>Versammlung</i> | Vakanz |

SUMMER VAKANZ

September

| | | |
|----|--------------------|-------------|
| 18 | Gruppenversammlung | |
| 25 | Versammlung | 14.00-16.00 |



Oktober

| | | |
|----|--------------------------------|-------------|
| 2 | Montée | |
| 9 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 16 | <i>keng</i> <i>Versammlung</i> | |
| 17 | Viz - Sortie | |
| 23 | Versammlung | 14.00-16.00 |
| 30 | <i>keng</i> <i>Versammlung</i> | Vakanz |

Beaverklack: Paco / Nandu / Nora / Lena

Programm Meute De Meute - Programm




Juni

| | | |
|----|-------------------------|---------------|
| 5 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 12 | <i>keng</i> Versammlung | |
| 19 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |
| 22 | Faackelzuch | 20:45 - |
| 26 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |

Juli

| | | |
|-------|-------------------------|--|
| 3 | Léiwefest | |
| 10 | <i>keng</i> Versammlung | |
| 11 | Pow-Wow | |
| 18-24 | FEWECA | |

Schéin Vakanz



September

| | | |
|----|-------------------------|---------------|
| 4 | <i>keng</i> Versammlung | |
| 11 | <i>keng</i> Versammlung | |
| 18 | Gruppeversammlung | 13:45 - 17:00 |
| 25 | Versammlung | 14:00 - 16:00 |

Programm Troupe - Programm

JUNI

- 5.-6. PATRULLEN-WEEKEND
- 12. INTERGRUPPENSORTIE Misäraqua - Phantasialand
- 19. Patrullenversammlung 14:00-16:00
Elterenversammlung fir CORSE um 16:15
- 26. Truppenversammlung 14:00-16:00
CORSE-Teamtreffen 16:00-20:00

JULI

- 3. LÉIWENFEST
- 11. POW-WOW zu Mondorf

Keng Versammlungen méi --> Vakanz :) :=) :)

- 30. RV um 19:00 fir Corse
- 31. Départ vers Corse

AUGUST

SUMMERVAKANZ

& CORSE 30/07/2010 - 22/08/2010

SEPTEMBER

- 18. Gruppenversammlung 14:00-17:00
R.V. Um 13:45 an Retour 17:00 bei der "Gëlle Fra"
- 25. Truppenversammlung 14:00-16:00

OKTOBER

- 2.-3. MONTEE
- 9. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 16.-17. VIIZ-WEEKEND
- 23. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 30. keng Versammlung - VAKANZ



Lex / Christophe / Tamia

Programm Explorer



Juni:

| | | |
|-----|----------------------|-------------------------|
| 5. | Schaffdach am Home | 08:00-17:00 Auer |
| 12. | Misäraquasortie | |
| 19. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 22. | Fackelzuch + Grillen | 20:45 r.v. Beim Kaiffer |
| 26. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |

Juli:

| | |
|----------|--------------------|
| 3-4 | Léiwenfest |
| 9 | Nuits des Brevêts |
| 11 | Pow-Wow zu Mondorf |
| 30-22/08 | Camp Corse 2010 |

Summer Vakanz

September:

| | | |
|-----|---------------------|------------------|
| 18. | Gruppeversammlung | 13:45-17:00 Auer |
| 25 | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |

Oktober:

| | | |
|---------|---------------------|------------------|
| 2-3. | Montée | |
| 9. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |
| 16.-17. | Viiz-Weekend | |
| 23. | Explorerversammlung | 14:00-16:00 Auer |



Fir d'Unitéit **MEMBER**: Tameng / Eric / Kodiak

Rapport Ouschtercamp Beaver

1ten Dag

Den 27.03.2010 hun mier eis um 13:30 op der Gare zu Dummeldeng getraff. No 10 minuten wei jidreen agetraff ass hun d'Kanner hieren Eltren eddi gesoot an mier hun op den Zuch geward. Mat 8 Beaver sin mier dun mam Zuch op Miersch gefuer an vun do bis bei Home vun den Loutres getreppelt. No enger enger halwer Stonn midd am Home ukomm hun Beaver hieren Rucksack ausgepaak an sech am dortoir prepareiert. Wou jidreeen sein Schloofsack usgerullt an sein Petzi prett op Bett geluecht huet hun mer eis Schong an Jacket ugedoen an sin raus puer kleng Spiller machen gang. Wei zum Beispill Zeitungspill, faarwegen Mann, asw. Wou dun jidreen gudd midd war an genuch vum spillen hat sin mer ran gangen an hun eppes klenges giess fir rem fit ze sin fir weider ze machen. Well den Camp jo enner dem Thema Märchen war hun Kanner dun och en Hexenhaus aus Petit-Beurre gebastelt, wou se et kaum erwarden konnten dest ze iessen. An der Zeit wou Kanner gebastelt hun gouf och schon rem dat next prepareiert. Messagen fir Schnitzeljagd missten verstoppt gin. No langem pescheschen Gebastels mam Zockergoss konnten Kanner dun hier Henn wäschen goen an sech prett machen fier Schnitzeljagd. Vun message zu Message sin se gangen an emmer mei no un hieren Schatz komm. Se sin en klengen Wee duerch den Besch getreppelt an schlussendlech rem op der Wiss beim Home ukomm wou dun och hieren Schatz louch, eng Kescht mat leckeren Kamellen dran wou se sech och direkt konnten eng huelen. an sech dun bessen selwer beschäftegen konnten während deem Chefen d' l essen virbereed hun. Et gouf Poulet Curry mat Reis an enger gudder Zalot wat den Beaver och gudd geschmact huet. Wou jidreen saat war goufen dun Gruppen gemach fir Chargen. Dei eng hun gespult, dei aner den Desch oofgema an der 3. Grupp haat freizeit. No den Chargen hun mer en Quiz am Thema Märchen, Scouten, Beaver, asw gemach. Et goufen 2 Gruppen gema dei noeneen Froen beäntfren missten. Um Schluss stung et gleich wou dun also dei 2 Gruppen gleich gudd waren. Nom Quiz war et dun och schon Zeit fir an Bett an jidreen war och gudd midd vun deem ustrengenden Daag. Beaver hun hieren Pyjama ugedoen, hier Zenn gewäsch an sech an hieren Schloofsack gekuschelt. Sir kruten dun nach eng Geschicht virgelies an hun dann och schon seier geschloof. (Lena)

2ten Dag

Moies waaren die eischt schon geint halwer 8 op, an vu que dass d'Auer an der Nuecht gereckelt gouffen waar et reicht halwer 7...vill ze frei also :). Well et eis dobaussen bessen ze kaal waar hun ma eisen Frühsport dobannen gemach. Direkt dono gouff den Desch gedeckt an gudd Schmieren giess. Nodeems dunn jidreeen saat waar huet all Grupp seng Charge gemaat an ass sech dunn Zaenn wäschen gang, ier ma dunn eiss alleguerten ugedoen hun an verschidden kleng Spiller dobaussen um Terrain gemaat hunn. Wie och den lescht midd an duerchgefrier wor sinn mier erem erangaangen an d' Beaver hun Eer gefierwt während d' Cheffen eis lecker Zaloten gemaat hn, die mer dunn och giess hun. Schliesslech nodeems m abessen gerascht hunn sinn ma an d' Schwemm Gaangen, die mol keng Veirelsstonn vun eisem Home fort waar den ganzen Metten schwammen gaangen. Doo hun ma alleguer gehollef eis lecker Pizzaen ze maachen, die leider e bessen ze weing waaren.



Rapport Ouschtercamp Beaver

Vu quedass et nodeems ma die giess haaten schon zimlech speit waar, an jidereen midd waar vun da Schwemm sinn hun ma dunn anch en Maerchen fiergelies an sinn dunn schloofen ganagen. (Nora)

3ten Dag


Moies frei um halwer 9 missten mier dun och schon rem opstoen, opwuel beaver zwar schon all seit ongefeier 2 stonnen opwaren (: Jidreen huet sech dun ugedoen an sech gewäsch an dun ass et och schon schnell eppes ze iessen gin. Nom l essen goufen rem an den selwechten Gruppen Chargen gemacht. No den Chargen kruten d'Kanner dun Zeit fir hieren Rucksack ze paaken. Wou dun all Rucksäck ferdeg gepaakt waren hun mer en Pompom jippelschen gebastelt. Dest war net sou einfer wei mer geduecht hun an Beaver waren och eng lang Zeit domad beschäftigt. Wou dun och deen lechten endlech ferdeg war gouf et och schon rem eppes ze l essen. Et gouf ganz traditionell Campingsnudelen dei och jdrengem gudd geschmacht hun. Nom iessen goufen rem Chargen gema an dun hun Kanner sech rem ferdeg gemacht fier eraus wou eng Bescholympiad gemacht gouf, Sie missten sech geigenseiteg mat verbonnenen Aan feiren, Dännenzapfen geheien, an nach puer aaner flott Spiller. Wou all Grupp dun op all Posten war gouf et eppes klenges ze iessen an ze drenken an dun hun mier och schon op dei eicht Eltren geward. Den Kanner huet et gudd gefall an den Chefen och :) (Lena)



Rapport Meute

Wilde Tiere

Die Wölfchen (Ketty, Max, die 3 Charels, Pit, David, Joaquim, Sarah, Esteban und Amélie) sind mit dem Bus und mit dem Zug mit ihren Cheffen Chouette und Tahr nach Beteburg gefahren. Vom Bahnhof aus sind wir zu Fuß in einen Kletterpark gegangen. Da haben wir leckere Brote gegessen. Dann sind wir weiter auf einen Spielplatz gegangen. Da haben wir ein Ratespiel gespielt. Danach konnten wir ein bißchen spielen was wir wollten. Und dann sind wir auf die Tierstation gegangen. Auf der Tierstation sind nur verletzte Wildtiere. Die Tierpflegerin hat uns gesagt leise zu sein. Als erstes haben wir einen I gel gesehen. Wir haben ihn angefaßt. Seine Stachel haben nicht wehgetan. Wir haben auch einen kleinen Fuchs gesehen. Und Vögel die ihre Mutter verloren hatten. Es waren auch Greifvögel da, wie zum Beispiel Uhus. Die waren schwer verletzt und werden auf der Tierstation gepflegt. Nach unserem Besuch sind wir mit dem Zug zurück gefahren. Es war eine tolle Sortie Amélie.



EXPLO 10' 16-18/04/2010

Freides

owes um 20 Auer hun CP'en an SP'en sèch zu Ernzen (D) bei der Teufelsschlucht getraff. Wou jiddereen ukomm wor ass en Carré gemaach ginn an d' Cheffen hun ons den Ooflaaf vum Daach erklärt. Mir hun ons an engem groussen Zelt installéiert, wou mir wèi Saucissen uneneen gekwetscht waren :D

Nodeems mer installéiert woren, sinn mir an den Bësch op eng Plaaaz gaangen, wou eng grouss iwwerdaachten Grillhütt wor an hun do eng Veillée gemaach. Mir gouffen an Equipen angedeelt an missten verschidden Spiller maachen, wéi z.B. eng Mënschenpyramide maachen an sou weider. Dèi ganz Veillée wor eng Art „Wetten dass?!“

No dem Owesprogramm haaten mir nach sou eng hallef Stonn Temps Libre, wou mer beim Feier konnten setzen bleiwen an mateneen schwätzen, dono sinn mir an d' Bett gaangen.

Samstes

Mir sinn ongeféier um halwer néng erwäscht ginn, hun ons ungedoën an hun eppes klenges giess. Nom Kaffi stoungen 3 verschidden Aktivitéiten fir eis um Programm wéi: Oofseelen, eng Int aus Holz bastelen an en Naturmemory.

Sou géint 12 Auer ass den Recht vun den Scouten ukomm.

Hei ass dun e groussen Carré gemaach ginn, wou erklärt ginn ass daten Zelter mussen als éischt opgeriicht ginn an dono gët èt dann ziessen.

Nom opriichten hun mer eng gudd Nuddel giess an hun dono eis Gamelle gespult.

Am Carré kruuten mer dun erklärt waat den Mëtteg sou leeft, sou goufen mer nach eng kéier an Equipen angedeelt, an mir missten sou een Piste-Poste maachen. Mir kruuten eis personell Holzschäif mat 12 Lächer fir 12 Aktivitéiten. Op all Posten denn mer gemaach haaten kruuten mer eng Pärrel mat Schnouer fir un eis Plack unzestrécken.

Als Aventuren haaten mer z.B. Grouss Aafenbrëck iwver den Felsenweier, Feldtelefon, Schmach & Tastspiller, Holzseen mat speziell/aalen Seen, Lumberjack, Holzdisk schéissen, Slackline.....an nach vill méi

Nom Programm wor nach bëssen Temps libre an dono kruuten mer d' Owesiessen, an do ass dem Raphaël eng Panne geschitt.

Hien huet alleguer d' Lessensreschter vun den Lions Bleus an seng Gamelle gemaach, wollt se ophiewen fir alles an d' Poubelle ze geheien, mee dunn ass d' Gamelle gefall an den ganzen Chili con carne loun am Gras. Hien misst alles opraafen an an d' Poubelle geheien :)

Nom I essen wor nach en Nuetsspill an duerno beim Feier kruuten mer Marshmallows mat Petit-Beurre'n. Nach schnell d' Zänn gewäsch an dun sinn mer an d' Bett gaangen.

Aeren Hamster N° 1, Ludovic



Sonndes

Mir hun missten um 8:30 aus dem Zelt goën, an den Rucksack misst och schon gepaackt sinn. Dunn hun mir en Carré gemaach an mir hun eis Kaffiskichelcher giess an Schocki gedronk. Nom I essen kruuten mir den Programm vum Dag erklärt. Mir missten schnell eis Zelter rëm anpaacken an mir goufen an zwou Gruppen angedeelt, fir Kayak fueren ze goen. Dei éischt hun hier Rucksäck bei daat groustt Zelt bruecht, déi zweet Grupp huet se bei d' Holz gedroën. Jidwereen huet gehollef daat Zelt oofzeriichten, wou hien dran geschloof huet. Schnell ass dei éischt Grupp ouni hier Rucksäck an den Bus geklomm an huet sech op den Wee gemaach fir Kayak fueren ze goën, während dem huet dei aaner Grupp STARtego mat bekannten Leit gespilt. Wou den Bus nees zerëck wor vun Dillingen huet déi aaner Grupp sech och op den Wee gemaach fir Kayak fueren ze goën. Nom Bus fueren, kruuten mir en Eemer mat engem Deckel fir eis Kleedungsstëcker, Foularden, ... dran ze maachen. Mir hunn eis alleguer e Paddel geholl an kruuten erklärt wei mir eis um Kayak behuelen sollen. Um Kayak waren mir ëmmer zu zwee. Mir sinn dun endlech fortgefuer. Ennerwee hun mir eng Paus gemaach fir ziessen. Dei éischt Grupp war natierlech schon do. Nom I essen sinn mir all gemeinsam deen läschten Deel gepaddelt an waren dun zu I echternach unkomm. Am ganzen sinn mir 12 Kilometer gefuer. Mir hun op der Platz eng "Chaine des adieux" gemaach an sinn alleguer an den Bus geklomm fir Heem ze goën. Op der Gare unkomm ass jidwereen heem gaangen an den Camp war färdeg.

Samuel Lemoine



Rapport Explorercamp

Freiden, den 9. Abrëll 2010

Peaux Rouges an d' Lions Bleus hätten sech sollten um 13:00 Auer op der Gare de Luxembourg treffen fier zesummen op den Grondhaff ze fueren, mee op grond fun enger Fehlinformation waren dei 2 Lions Bleus nach net um 1 Auer op der Gare. Dorops hin sin den Tahr an ech dei 2 sichen gefuer an mir hun si dun direkt mat bis op den Grondhaff geholl well Peaux Rouges dun schon enerwee fier op den Grondhaff waren. Um Grondhaff ukom hun mier dun nach op d' Quaschlecken geward dei dun awer kuerz drop och mam Bus aus Richtung I echternach ukom sin.

Vum Grondhaff aus as den Trajet dun lansgang. Den Tahr, Mitu, an ech mier sin währenddems alt Messages leen gang. Wei d' Messages dun op hierem Bestimmungspunkt lungen waren den Tameng an den Gilles och wëll enerwee op Jonglenster weu mier eis dun och getraff hatten fier zesummen akaafen ze goen. Geint 5 auer hun d' Explorer dun och schon fierd eicht ugeruff well se net wossten weu den 1 Message wier. Nom akaffen sin mier opt Nuetsplatz zu Hiersbreg an den Besch gefuer an mer hun alt Sachen bis an d' Höhl gedronen. D' Explorer hatten an der Zwechenzeit natielech oft genuch ugeruff well se enerwee net ens sin gin. Nodems mier alt alles wat mier fier den Owent gebraucht hatten an d' Höhl geschleift hatten, hun mier geward dat d' Explorer geifen antreffen an mier ufänken keinten den Pac-alu opt Feier ze léen well mier zimlech hongereich waren. Vu-dat d' Explorer sech awer op dem "fuerchbar schweieren" Trajet e puermol verlaaf hatten, war et dun halwer Zwielef bis se do waren an mier konnten ufängken mat iessen (Schlussentlech hun se 8 ½ stonn gebraucht fier en Trajet den eigentlech nemmen 10 km hat). Nom Pac-alu sutzen mier dun nach e bessengemittlech beim Feier bis ma dun geint 1 Auer schloffen waren.

Samstes, den 10. Abrëll 2010

Moies sin mier um 8 Auer opgestan, hun dann gefrühstückt an duerno d' Sachen zesummegehaamt an dun nes erofgedronen. Wei dat dun gemacht war sin d' Explorer an Richtung Blumendaal gang weu och hier Mettesplatz war. Mier hatten Maiti misten mam Auto mathuelen well hat en Platen hat(et hat seng SCHENKELEN wei). Geint 1 Auer si mier dann an Blumendaal gefuer weu mier net mei lang hun missten waren, well deskeier sin se an engem gudden Tempo gang(villeicht lung dat dorun dat en LB Kart hat). Wei mier dun all mat iessen färdech waren hatte mier gemengt dat et ze knapp geif mat da Zeit gin an dun hu mier Explorer vum Blumendaal aus mam Bus and Stadt fuere geloss. Fun do aus hun se dun de Zuch bis op Diddeleng geholl fier fun do aus zefeus bis and dat neit Home vun den PRD ze treppelen.

An der Zwechenzeit sin mier dun och an d' Home vun den PRD gefuer weu mier eis dat dun och emol genau ugekuckt hun. Wei d' Exploer dun ukomm sin, sin mier nach all Dusche gang an hun duerno nach Toiletten gebotzt. Duerno hun mer nach opt Leit geward, dat Aweiungsiessen fier dat neit Home sollt ugoen. Wei dei dun all do waren geuf et dun och e gud Schwein um Spieß ze iessen. Nom iessen hatte mier nach e bessengemittlech GBS an sinn duerno schlofe gang.

Sonndes, den 11. Abrëll 2010

Mier sin Moies och erem um 8 Auer opgestann an hun dun gefrühstückt, nodeems mier dun och d' Home gebotzt hatten. Weu dun alles Pico-Bello war sin mier all zesummen op Bettbuerg an d' Piscine gefuer. Et muss en zwar och soen dat dei Piscine net grat de glantz as wat d' Animation ugeht and Schwammmechteren sin och Spillverdieerwer, dei direkt Rutschbahn zeumach hun wann en bis engkeier gerutscht as. No der Schwemm seu geint 1 Auer hun mier Chaine des Adieux gemacht an duerno sin dei dei nach eppes mat iessen wollte goen matkomm an dei anner hun den Zuch fier hem geholl.

Eric

Dem LIB séng Säit Den LIB séng Säit


Dir kënt dem LIB hëllef an deems der folgend Aufgaben léist...

SIKAKU

Zerleet dësen Diagramm an nët iwverlappend Rechtecker. D'Zuel am Diagramm zielt zum Rechteck an gët un weivill Felder en Rechteck enthaalen muss.

| | | | |
|---|----|----|---|
| 6 | 6 | 2 | 6 |
| 6 | 12 | 12 | 3 |
| 6 | 6 | 6 | 3 |
| 6 | 12 | 4 | 4 |

SUDOKU:



Léif

Beaver, Wëllef & Scouten

Hoffen dir haat bis elo vill Spaas mat menger Säit, an ech sinn och frou dat der mer hëlleft dës schwéier Rätselen ze léisen.




Géif mech freen wann dir mir géift Geschichten/Witzer schreiwen oder Biller molen...



WITZ-FROËN:)

- 1) Waat seet en Uhu mat Sproochfeeler?
- 2) Waat héiert ouni Oueren, schwätzt ouni Mond an schwätzt an allen Sproochen?
- 3) An wéi een Glas kann een am beschten schédde?
- 4) Waat gët ëmmer nees nei gemacht obwuel et schon färdeg ass?
- 5) Waat huet Flillëcken, kann awer nët fléien ?
- 6) Waat geet iwver d'Waasser, gët awer nët naass?
- 7) Waat ass den Ënnerscheid tëschend engem Bäcker an engem Teppech?

WANDROUS NEWS Wandrous News



LIONS BLEUS SHOP

De Lions Bleus Shop as fir nächst op vun 15h45 bis 16h15 den:
 5/06/2010 - 3/07/2010 - 25/09/2010 - 23/10/2010/ - 13/11/2010 - 11/12/2010

WOSM & fnel NEWS WOSM&fnel News



FNEL SCOUTS-SHOP
Adresse:
 43, rue de Hollerich
 L-1741 Luxembourg
 Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:
 17:30 - 19:30
 - 17/06/2010 - 08/07/2010
 - 07/07/2010 - 15/07/2010

ALLGEMENG Datumer:

- | | | | |
|------------|--------------------|---------------|-------------------------|
| 20/06/2010 | Fest vun der Natur | 11/07/2010 | 87ième POW-WOW |
| 22/06/2010 | Faackelzuch | 18-24/07/2010 | Feweca |
| 09/07/2010 | Nuits des brevêts | 16/09/2010 | Assemblée générale FNEL |

WOSM:

D'Weltorganisatioun vum Scoutismus zielt aktuell **28 Milliounen Scouten**, Jonker an Erwuessener, Jongen an Meedercher aus 160 verschiddenen Länner.

WOSM news:



Den 1. Mee 2010 huet den tuneseschen Scoutsverband en neien Guinness-Rekord mat dem gréissten Foulard opgestallt. Hieren Foulard haat eng Fläch vun 587,5m² mat enger Basis vun 47 Meter, zwou Säiten mat 35,5 & 35,2 Meter an enger Héicht vun 25 Meter. D'Tunesier hun soumat den Rekord vun den Englänner gebrach.

NATIONALFEIERDAACH LBB Grillstand



Kommt alleguer bei eis e gudden
Lions-Linger & Mett-Wirscht
 op echtem Holzgrill iessen :)



22.Juni 2010
ab 18 Auer

An der Groussgaas beim Metzler Kaiffer
 (77 Grand Rue L-1661 Lëtzebuerg)
 virun der Dier
 an fir Gedrënks ass och gesuergt



Dem LIB séng Opleisungen:

| | | | |
|---|----|----|---|
| 6 | 6 | 2 | 6 |
| 6 | 12 | 12 | 3 |
| 6 | 6 | 6 | 3 |
| 6 | 12 | 4 | 4 |

| | | | |
|---|----|----|---|
| 6 | 6 | 2 | 6 |
| 6 | 12 | 12 | 3 |
| 6 | 6 | 6 | 3 |
| 6 | 12 | 4 | 4 |



SIKAKU:



WITZ-FROËN :)

- 1) AHA...AHA..AHA
- 2) Den Echo
- 3) An en eidelt
- 4) D'Bett
- 5) D'Nues
- 6) Eng Brèck
- 7) Den Bäcker muss moies opstoën an den
 Teppech kann leienbleiwen!

et schengt

et schengt

- 01) wei wann gewessen Beaverchefen viru besser mi laanger Zait opgehaalen hätten vir op d'Hochzaitrees ze goen
- 02) wei wann um Paischtcamp falschen Beschrecken-Alarm gewiercht wier
- 03) wei wann d'Wierderglecksträhn op den traditionellen Pengschtcamp'en weider geif unhaalen
- 04) wei wann d'Lions Bleus eng nei Remorque hätten
- 05) wei wann heich Deieren net weissten waat eng Handbrems wier
- 06) wei wann kleng Wellefcher ganz eifreg beim Toilette-Eidelmaachen d'Krokette geizelt hätten
- 07) wei wann den Paischt-Traget vun de Scouten dest Joer e besser mei grouss gewiercht wier
- 08) wei wann d'Olympiad 2010 vill nei Talenter an Gewenner erfierbruecht hätt
- 09) wei wann no engem haarden Männerowend e puer Persounen e Filmrass haaten
- 10) wei wann en Deel vum Ex-Prinzessineclub en aale Member an Kanada besiche geflun ass
- 11) wei wann d'Joer just e puer Kuchen mat op de Päischtcamp matgangen sin
- 12) wann de Prési net méi dé jängste wier
- 13) wei wann de Fréijorsroverweekend schons laang am virus ugekënnegt war
- 14) wei wann onsen subventionnéierten Trakter de kaalen Wanter net esou richtig verdroen hätt
- 15) wei wann verschidde Luchten och ënner Waasser géife Liichten
- 16) wei wann aus onerklaerlechen grenn de Fluch Letzbuerg - Parais op eemol 2 plaatze manner gehaht haett
- 17) wei wann daat neit Corse-Material seng Generalprouf um Paischtcamp gut iwwerstaanen haett
- 18) wei wann een elo keint Sperrmuell an Schrott an d'Home brengen ouni ze froen
- 19) wei wann d'Faarw vun den neien Fändelen nemme gut wier vir sech ze schummen
- 20) wei wann eise Straus an eise Bier an Sudafrica mat den Nilpaerd schwamme gaange wieren
- 21) wei wann Lions Bleus beim d'cke Bier fun der Fnel op besuch waren

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) dass dest awer nawell de Wellefcher zimlech laang virkomm wier
- 02) dass Scoutscheffen op den eisichten Bleck verschidden Kierperdeeler net vun deem eeklechen Insekt kennen ennerscheeden
- 03) dass et an deene leschte Momenter awer emmer mei brenzlech geif gin, respektiv dompesch
- 04) dass nemmen en Wonner-Botzmittel aus der Natur eisen klengen Weenchen an neiem Glanz geif erstrahlen loosse
- 05) dass des d'Rieder zum Schmelzen bruecht hun an net gemierkt hun dass et iergendwei schweier geet
- 06) dass desen duerno ganz stolz alles sengen Kolegen gewisen hätt
- 07) dass 9 dischteg 32 km mat der Bicyclette duerch d'Land gefuehrt wieren
- 08) dass des kleng Talenter all mat enger Goldmedaille ausgezechent goufen (enger echter)
- 09) dass den Läppchenanzug am ganzen Haus net fonnt gi wier opwuel een dropgeschwiert huet, se op 3 Plaazen ausgedo ze hun
- 10) dass wann de Kuch ëppes sët das d'Grimmlen roueg solle sin
- 11) dass des traureg wieren net an der TIPTOPER Uniform kennen un d'Wierk ze goen
- 12) wei wann hien erëm en Abo béi de Joffren mat de wäisse Juppen a mam roude Kräiz kruit huert
- 13) dass keen sech esou richtig ugesprach gefillt huert an dofir huert d'Organoium de Weekend einfach emol oofgesoot
- 14) wei wann no langem gefummels op de läschte Stéppel eng néi Batterie agesaat gouf
- 15) wéi verschidde Léit net méi richtig wossten wat op der Bréck gelaaf war
- 16) dass den Check-In dun awer 5 Minuten virum Start gemaach gi wier
- 17) dass verschiddenes nach perfektioniert muss gin
- 18) dass elo beigebaut muss gin vir all di Saachen "di een nach gebrauchen kann" ze verstauen
- 19) dass een sech keint froen op et net Secondhand-Fändelen wieren dei ze oft gewäsch goufen
- 20) dass se all Nilpaerd dohannen gelooss haetten. Och di kleng!!!
- 21) dass Lions Bleus him e grouse Merci soen fir seng winnerschéi Platz dén hien ons zu Verfügung gestalt huert

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D' Wandrous no 328 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Kodiak, Tamia, Lex, Christophe, Tahr, Sophie, Lena

Un der WANDROUS N°329 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Staff Corse 2010 / Ludovic Lemoine / Samuel Lemoine / Chouch / Famille Majerus / Max Majerus / Lena / Nora / Amélie / Tamia / Eric / Kodiak a Lex

Programm Wandrouis: De Wandrouis Programm:

| juni'10 | | juli'10 | | september'10 | |
|---------|---|---------|--|--------------|-----------------------------------|
| De | 1 | Do | 1 | Me | 1 |
| | | | Scout-Shop 17:30-19:30 | | |
| Me | 2 | Fr | 2 | Do | 2 |
| | Permanence | | | | |
| Do | 3 | Sa | 3 | Fr | 3 |
| | | | LÉIWENFEST N°5 | | |
| Fr | 4 | So | 4 | Sa | 4 |
| | | | | | VAKANZ |
| Sa | 5 | Me | 5 | So | 5 |
| | Meute/Explorerschaffdaach BEAVERVELOSTUER & P-WE | | | | |
| So | 6 | De | 6 | Me | 6 |
| | PATRULLENWEEKEND | | | | |
| Me | 7 | Me | 7 | De | 7 |
| | | | Permanence | | |
| De | 8 | Do | 8 | Me | 8 |
| | | | Scout-Shop 17:30-19:30 | | Permanence |
| Me | 9 | Fr | 9 | Do | 9 |
| | Permanence | | Nuits des brevets | | |
| Do | 10 | Sa | 10 | Fr | 10 |
| | | | keng Versammlungen | | |
| Fr | 11 | So | 11 | Sa | 11 |
| | | | POW-WOW zu Mondorf | | VAKANZ |
| Sa | 12 | Me | 12 | So | 12 |
| | Beaver / Meute keng Versammlung MISARAQUA-SORTIE | | | | |
| So | 13 | De | 13 | Me | 13 |
| | | | | | |
| Me | 14 | Me | 14 | De | 14 |
| | | | Permanence | | |
| De | 15 | Do | 15 | Me | 15 |
| | | | Scout-Shop 17:30-19:30 | | Permanence |
| Me | 16 | Fr | 16 | Do | 16 |
| | Permanence | | | | Assemblée générale FNEL |
| Do | 17 | Sa | 17 | Fr | 17 |
| | Scout-Shop 17:30-19:30 | | | | |
| Fr | 18 | So | 18 | Sa | 18 |
| | | | FEWECA | | GRUPPENVERSAMMLUNG 14:00-17:00 |
| Sa | 19 | Me | 19 | So | 19 |
| | Beaver/Meute/Patrull/Explorier CORSE Elternversammlung | | FEWECA | | |
| So | 20 | De | 20 | Me | 20 |
| | Fest vun der Natur op der Kockelscheier | | FEWECA | | |
| Me | 21 | Me | 21 | De | 21 |
| | | | FEWECA | | |
| De | 22 | Do | 22 | Me | 22 |
| | FAACKELZUCH & LBB GRILLSTAND | | FEWECA | | Permanence |
| Me | 23 | Fr | 23 | Do | 23 |
| | Permanence | | FEWECA Wandrouiseinsendeschluss | | |
| Do | 24 | Sa | 24 | Fr | 24 |
| | | | FEWECA | | |
| Fr | 25 | So | 25 | Sa | 25 |
| | | | | | Beaver/Meute/Trupp/Explorier |
| Sa | 26 | Me | 26 | So | 26 |
| | Beaver/Meute/Trupp/Explorier CORSE TEAMTREFF | | | | |
| So | 27 | De | 27 | Me | 27 |
| | | | | | |
| Me | 28 | Me | 28 | De | 28 |
| | | | | | |
| De | 29 | Do | 29 | Me | 29 |
| | | | | | Permanence |
| Me | 30 | Fr | 30 | Do | 30 |
| | Permanence | | R.V.um 19:00 fir CORSE Wandrouisredaktionsschluss | | |
| | | Sa | 31 | | |
| | | | Départ CORSE 31/07/2010 - 22/08/2010 | | |

Allerläscht Wandrouns - Sait

www.lionsbleus.lu



fnel
scouts & guides



THAT'S ALL FOLKS

